

Déi al Zäit, déi Neizäit , elo mol éierlich...

Musse mer iwwerhaupt eng Fusioun tëscht Groussbus a Wal hunn??

Huet een dat gefrot??

Brauche mer sou eppes??

Léif Leit,

Ganz éierlich, am Ufank a virun e puer Joer waren d'Meenunge gedeelt, deels ware mer fir d'Fusioun, deels géint esou eng Zesummeschléissung vun de Gemengen, well mer der Meenung waren datt mer gutt funktionéieren an esou eppes guer nit brächten.

Lues awer sécher ass **déi gutt al Zäit** wou e puer Leit alles eleng konnte man awer passé. Mer blécken nach vill a gär dorop zréck, waren och nach vläicht méi jonk, mee lues awer sécher huet den **Zäitalter vu méi Digitalisatioun** eis ageholl a jidderee muss zu all Moment kënnen ersat ginn fir datt näischt stoe bleift. Livekonferenzen, Homeoffice, Homeschooling ass eis opgezwing ginn an hu gewise wéi séier d'Zäit an d'Liewen ännere kënnen.

Fusioun, resp. d'Zesummeschaffen a Leeë vun de Gemengen zwéngt keen eis op, mee fir déi nei Zäit a ville Punkte wéi Service um Bierger, Finanzen, Projete bis Veräiner a Fräizäit méi staark ze gestalten denke mer ass den **Zäitpunkt komm fir ëmzedenken**.

Fusioun vu Groussbus a Wal ass ze vergläiche mat engem Bam. **Wat de Bam méi déck, wat en méi Stand hält**, wat en méi staark gëtt a wat seng Wuerzelen sech ëmmer méi ausbreede kënnen, wat en dem Stuerm besser aushält a wat säin Holz méi schwéier gëtt ze splécken. Zweek Äscht zesummen si méi schwéier ze brieche wéi een eleng.

Fusioun soll **een Häerzstéck vun eise Gemenge** sinn, wou all Servicer vu Salarie bis Beamte fir eis Populatioun, jonk an al, sollen zesummeschaffen an eis nobausse méi staark man, sief dat an der Educatioun, an der Aarbicht oder an der Fräizäit bis hin zum héijen Alter. Mer sollen awer oppen si fir nach méi Gemengen opzehuelen. De Kanton beweist eis wéi gutt dat mer bis elo geschafft hunn a firwat nit soll eise Bam nach wuesse mat anere Gemengen. Een Ufank solle mer man an eis da **weider entwéckelen**. Finanziell si mer eis eens, datt mer ausser enger aussergewöhnlicher Dotatioun pro Bierger, nit wäerte méi räich do stoen , mee mer wäerten eis zesumme fir déi Neizäit kënne stäipen. Et soll och keen sech eppes virmaachen, datt elo direkt alles ännere wäert, dat d'Autorisatiounen oder d'Prozeduren elo méi séier wäerte goen. Mer verschlechteren eis nit, **Verbesserunge kommen zäitno** an no e puer Joer hunn eis Wuerzelen sech déif verankert an éischt Friichte wäerte vun sech gedroe ginn.

Fusioun steet a fält awer mat Iech an Eis Alleguer. Wa mer **zesummen no vir kucken**, d'Erausfuorderung unhuelen, déi al Zäite vu Groussbus a Wal an Éieren halen, eis op een neie wäite Wee man denke mer, komme mer virun an hunn ee Grondstee vir jidderee gesat.

De Referendum ass den éischte Schrëtt, mol éierlich, wat schwätzt dergéint, **loosse mer et upaken...**



©Foto: Caroline Risch-Roemen

Léif Gréiss,

Servais Majerus
Conseiller Wal

Jeannot Faber
Conseiller Groussbus

André Stefanetti
Conseiller Groussbus